

**Amitié Am Sand Amizero asbl**  
rapport d'activités 2008/2009

1. Zënter der läschter Generalversammlung huet de Comité sech 5mol getraff

27/5/2008 ; 10/7/08 ; 30/10/08 ; 4/12/08 ; 12/2/09

2. Mir hun un de Versammlungen vun den Ecoles associés vum Unesco-Reseau deelgeholl fir d'Rencontre vun dese Schoulen am Mee 2009 virzebereeden.
3. Entrevue mat der Umweltkommissioun a mam Här Mierckes vun der ASTM fir ze kucken op Amizero als Projet fir de Klimabündnis a Fro kennt.
4. Mir haten och eng Entrevue mat der Mme Degardin vun der Kooperatioun fir eis z'informéieren ob mir Chancen hun agréiert ze gin. Mir hun momentan decidéiert mol nach mat deser Demande ze waarden.
5. Par contre hu mir eis Demande gemat fir an de Cercle des ONG opgeholl ze gin. Sie huelen hier Decisioun an der AG. Parrainéiert gi mir vun de Soroptimisten an de Guiden a Scouten matt der 3. Welt.
6. Et war eng Delegatioun an d'Generalversammlung vun der Elterevereinigung a mir hun e Chèque kritt vun 600 Euros, dat war d'Halschent vun de Recetten vum Schoulfest.
7. D'Carole an de Claude hun an der Päischtvakanz zu Kigali um Marathon de la Paix deelgeholl deen d' Soroptimisten an d'Amis du Marathon de Kigali all Joer organiséieren. Si hun och dun d'Schoul zu Ruhango besicht an den Sportsterrain, dee mir finanzéiert hun, ageweit.  
An der Schoul hun sie de Klassen an dono um Schoulfest och den Elteren eng PP vun hirem Besuch am Rwanda gewisen.

8. Mir hun mat all den Enseignanten aus eiser Schoul den 18. Dezember eisen traditionelle Sandmärtchen organiséiert. Schoulkanner hun e klengen Concert gin. Mir hun, ausser de Bastelarbechten vun de Schoulkanner, original Artisanat aus dem Rwanda verkaf. Zemools d'Poppen haten en enorme Succès. D'Elterevereinigung huet eis mat dem Verkaf vu Kuch a Gedrenks ennerstëtzt. An der Kaffisstuff hu mir Diaen aus dem Rwanda gewisen. Mir haten en Erléis vun 6700 Euro.
9. Korrespondenz  
Mir hun elo bal 170 Kanner déi parrainéiert gin. Si schreiwen 2mol d'Joer hire Marraines oder Parrains a kréien och vu verschiddene Leit eng Äntwert, iwwer déi sie sech immens freeën.  
Verschidde Klassen hun ënnerteneen e Bréif-oder Billeraustausch. Bréiwer vu Schüler zu Schüler ass méi komplizéiert, well d'Klasseneffektiver ze wäit auseneen leien.
10. Verschiddene Parrains hu Krëschttag en Don iwwerwisen fir dass d'Kanner alleguer kéinten e Kado kréien. Dest Joer krute sie e Pullover matt der Opschrëft „Amizero“ drop. Des Pullovere gin am Ruanda an engem Atelier vun handikapéierte Leit gemat.
11. D'Monique verkeeft all Joer Schietecher déi hat fir déi Kleng aus eiser Schoul bitzt.
12. Am Rwanda hun déi eischt Kanner d'Primärschoul verlooss a sin all an de Lycée gaang. Sie haten all ganz gudd Noten. Mir ennerstëtzen sie weiderhin an hun decidéiert, dass sie dës Ennerstëtzung kréien wann sie hier „Zensur“ engem Responsablen aus eiser Schoul weisen.